N°3970
Entrée le 20.05.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n°3970 vum 22. Abrëll 2026 vum honorabelen Deputéierten Michel Lemaire.**

Den honorabelen Deputéierte freet am Kader vu senger parlamentarescher Fro no Informatiounen zum Projet vun der grenziwwerschreidender Vëlospist, wou een Deelstéck matt der Bezeechnung vum nationale Vëlospistereseau, PC12, rezent lancéiert ginn ass.

<u>Fro 1: Kann d'Madamm Minister déi Informatioun, datt dës Vëlospist sech am Beruffsverkéier zu enger "Alternativ" zur Autobunn soll entwéckelen, bestätegen? Falls jo, vu wéi vill Leit déi nom Enn vun de Bauaarbechte vum Auto op de Vëlo ëmklammen, geet d'Madamm Minister ongeféier aus?</u>

Déi grenziwwerschreidend Vëlospist "Aménagement cyclable BELU" tëscht Arel a Lëtzebuerg, ass Deel vun der nationaler Strategie fir eng nohalteg a multimodal Mobilitéit ze fërderen, wéi se am Kader vum nationale Mobilitéitsplang 2035 virgesinn ass.

D'Zil vun dëser Infrastruktur ass et, eng zousätzlech Alternativ ze schafe fir déi Leit, déi sech am Alldag oder an hirer Fräizäit méi wëlle mam Vëlo oder zu Fouss fortbeweegen an déi dat bis elo op dëser Streck net konnte maachen.

D'Vëlospist ka souwuel fir Deplacementer eleng mam Vëlo benotzt ginn, wéi och a Kombinatioun vum Vëlo mam Zuch oder mam Bus. Zum Beispill kréien Awunner vu Klengbetten, Hoen a Stengefort, mä och vun Arel, eng nei Méiglechkeet, fir zu Klengbetten gratis den Zuch ze huelen. Och d'Aarbechtsplazen tëscht der belscher Grenz an der Stad, wéi zum Beispill um Wandhaff oder zu Capellen, sinn iwwert des Vëlospist ze erreechen.

Eng exakt Prognos vun der Frequentatioun ass net méiglech, well dës vu ville Facteuren ofhänkt. Et ass awer ze erwaarden, datt d'Unzuel vun den Notzer·inne mat der Zäit mam kontinuéierlechen Ausbau vum Vëlospistereseau progressiv zouhëlt. D'Frequentatioun vun der Vëlospist wäert deemno jee no betruechtem Tronçon ënnerschiddlech sinn an an engem héije Mooss vum weideren Ausbau vum Vëlospistereseau an der Ëmgéigend ofhänken.

<u>Fro 2: Wéi eng Méiglechkeeten hunn d'Leit fir vum Vëlo weider op den ëffentlechen Transport ëmzeklammen a wéi eng Begleetinfrastrukturen, notamment fir de Vëlo Daagsiwwer sécher ofzestellen, ginn an de Projet integréiert? ?</u>

Op der Gare Klengbetten steet schonn haut eng Bikebox, déi et erlaabt, de Vëlo geséchert an ënnerdaach ofzestellen.

Sollt sech no der Fäerdegstellung vun der grenziwwerschreidender Vëlospist um P+R Stengefort eng Demande fir geséchert Vëlosstellplaze manifestéieren, sou kéint och do an Zesummenaarbecht mat der Gemeng eng Bikebox installéiert ginn.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Wéi op anere P+R a Garen am Land, gëtt d'Zuel u gesécherte Stellplaze fir Vëloen der Nofro ugepasst.

Lëtzebuerg, den 20. Mee 2026

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes